CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 JUIL. 2017
3151

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 20. Juli 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert Jacobskreuzkraut un den Här Landwirtschaftsminister, un Madame Minister fir Ëmwelt an un den Nohaltegkeetsminister weiderzeginn.

Fir de Moment steet Jakobskreuzkraut a voller Bléi laanscht Stroossen, op Böschunge, Brachfläche souwéi extensiv genotzte Gréngflächen. Problematik vu dëser Planz läit an hirer Gëftegkeet, wat e Risk fir Léit a Véi kann duerstellen.

Well et sech em eng Planz handelt déi sech an de leschte Joren ëmmer méi ausgebreet huet a well se extrem schwiereg ass ze bekämpfe wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister, der Madame Minister fir Ëmwelt an dem Nohaltegkeetsminister dës Froe stellen:

- Wéini ënnerhëlt de Staat konkret Mesure um Terrain fir géint Jacobskreuzkraut virzegoen ?
- Wier et an dësem Kontext net ubruecht dat de Staat Equipe vu Leit géif op den Terrain schécken déi sech virrangeg em Bekämpfung vum Jakobskreuzkraut géife këmmeren?
- Wa jo wei géif sou eng Interventioun organiséiert gi fir dass se och kéint landeswäit ugewannt ginn
- Misst net och mat System laanscht Stroossen dës Planz bekämpft gi fir ze verhënneren, dass se sech an de Wisen an op anere landwirtschaftleche Flächen ausbreet?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Ali Kaes**
**Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82529

Réf.: 4831 17

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 SEP. 2017

**Monsieur Fernand ETGEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 12 septembre 2017

**Objet:** Question parlementaire n° 3151 de l'honorable Député Monsieur Ali Kaes

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, de Madame la Ministre de l'Environnement et de Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs,

Fernand ETGEN

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et de la
Protection des consommateurs

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs, de Madame la Ministre de l'Environnement et de Monsieur le Ministre du Développement durable et des Infrastructures à la question parlementaire n° 3151 de l'honorable Député Monsieur Aly Kaes**

---

- **Wéini ënnerhëllt de Staat konkret Mesure um Terrain fir géint Jakobskreuzkraut virzegoen?**

Als aller éischt muss ee bemierken dass d'Jakobs-Kreuzkraut ganz heefeg mat anere Planzenaarten déi ähnlech ausgesi verwiesselt gëtt an dat virun allem mat den Kreuzkräuteraarten also den Senecio-Aarten. Hei ginn ët bestëmmt eng 20 verschidde Gattungen déi ganz ähnlech kënnen ausgesinn awer net onbedéngt gëfteg sinn. Ausserdeem ginn et do dernieft nach eng sëlleche giel Korbblütleraarten déi och gäre mam Jakobs-Kreuzkraut verwiesselt ginn.
D'Jakobs-Kreuzkraut (JKK) ass eng Planz déi virrangeg beim Véi an de landwirtschaftlechen Betriber fir Problemer suerge kann. V.a. Päerd, awer och Ranner reagéiere sensibel op Pyrrolizidinalkaloide (PA's), déi sech an der gesamter Planz befannen. No oraler Opnam a Kumulatioun kennt et meeschtens zu enger primär chronescher Liewerschädegung an nëmmen a seelene Fäll zu enger akuter Vergëftung. V.a. a gedréchenter Form (Hee, Silo) stellt JKK di gréisst Gefor duer, well den batteren Goût verschwënnt an sou Déieren eng schiedlech Dosis kennen ophuelen. Trotzdeem misst eng Kou 98kg frëscht JKK friessen, oder 3 Méint laang Hee mat 1% JKK fir dorun ze stierwen (Lüscher et al., 2005).

D'Bekämpfung vun dem Jakobs-Kreuzkraut op landwirtschaftlechen Flächen ass eng Aufgab wou virrangeg d'Baueren an der Responsabilitéit stinn, vu datt d'Planz säit kuerzem och Cross-Compliance relevant ass. Dat heescht, dass de Bauer d'Obligatioun huet dofir ze suergen, dass déi Planz sech net iwwert e bestëmmten Seuil op sengen landwirtschaftlechen Flächen verbreede kann. Déi Obligatioun trëfft och op naturschutzrelevante Flächen mat Extensivéierungsverträg (Biodiversitéistverträg, Agrarëmweltmesuren) zou. Den Depliant "Jakobs-Kreuzkraut auf Flächen mit Naturschutzauflagen – Vermeiden, dulden, bekämpfen" soll d'Baueren bei der Duerchféierung vun der Bekämpfung ënnerstëtzen (http://www.environnement.public.lu/conserv_nature/publications/Jakobs-Kreuzkraut/Senecio_jacobaea_Merkblatt_Email-Version.pdf).

Generell ass Präventioun bei der Bekämpfung eng besser Strategie wie all Sanéierungsmoossnam. Soubal d'Planz op de Flächen optaucht, muss mat der Bekämpfung ugefaange gi well se dann schnell an ouni groussen Aarbechtsopwand duerchgefouert ka ginn. Gëtt gewaart bis d'Planz sech op der ganzer Fläch ausgebreet huet ass d'Bekämpfung schwéier an laangwireg, besonnesch op Flächen wou keen Dünger oder Herbizid agesat dierf ginn.

- **Wier et an dësem Kontext net ubruecht dat de Staat Equipe vu Leit géif op den Terrain schécken déi sech virrangeg em Bekämpfung vum Jakobskreuzkraut géife këmmeren? Wa jo wei géif sou eng Interventioun organiséiert gi fir dass se och kéint landeswäit ugewannt ginn**

Wéi uewe schonn drop higewisen, ass et an éischter Linn eng Aufgab vum Bauer fir op senge Flächen dofir ze suergen dass d'Jakobs-Kreuzkraut sech net ausbreet, genau wéi déi Pflicht och fir Dëschtelen, Ampfer oder Brennessele besteet. Och an deene Fäll schéckt de Staat keng Equippen op Privatterrain fir déi Planzen ze bekämpfen.

Ob de Staat um Terrain aktiv gëtt a wéi méiglech Interventiounen ausgesi kéinten, soll den ugekënnegten Aarbechtsgrupp mat Representanten aus de Verwaltungen déi sech ëm Naturschutz, Landwirtschaft an Stroossebau këmmeren ab September 2017 elaboréieren an eng Strategie dozou ausschaffen.

- **Misst net och mat System laanscht Stroossen dës Planz bekämpft gi fir ze verhënneren, dass se sech an de Wisen an op anere landwirtschaftleche Flächen ausbreet?**

Den Entretien vun de Stroosseränner gëtt vun der Stroossebauverwaltung assuréiert. Eng eventuell Bekämpfung vum Jakobs-Kreuzkraut op dëse Flächen muss mat der Approche vum extensiven Entretien vun de Strosseränner vereenbar an assuréiert ginn. An dem Dokument "Extensivierung des Unterhalts der Grünflächen entlang der Straßen" (Mee 2017, Naturverwaltung an Stroossebauverwaltung) gëtt higewisen, dass eng zweet Mahd am Summer *punktuell* néideg ka ginn wann et dorëms geet Gëftplanzen wéi z.B. Jakobs-Kreuzkraut zereckzedrängen. Eng Formatioun vun den zoustännegen Equippen ass onerlässlech fir d'Jakobs-Kreuzkraut kenne sécher ze identifizéieren. Op alle Fall ass ze évitéieren, dass eng Bekämpfung vum Jakobs-Kreuzkraut als Virwand genotzt gëtt fir den allgemengen Ënnerhalt vun de Stroosseränner erëm systematesch ze intensivéieren. Dat géing dozou féieren, dass eng ganz Rei vun anere wichtegen an méi seele Planze mat verschwanne géifen.

---